3

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Motioun

I-2023-O-M-7833-01

Dépôt: M. Charel Weiler

**Dépôt:**
**Heure d'actualité** - Chat Control
Proposition de règlement
du Parlement européen et du Conseil
établissant des règles en vue de prévenir
et de combattre les abus sexuels sur enfants

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2024

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Dass d'Bekämpfung vu Kannermëssbrauch a vun der Diffusioun vun dësem Material, online an offline, vun eminenter Wichtegkeet ass;
- Dass d'Europäesch Kommissioun den 11te Mee 2022 eng legislativ Propos zur Bekämpfung vu sexuellem Mëssbrauch vu Mannerjäregen am Internet („CSAM") virgeluecht huet;
- Dass e nationalt Gesetz vum 7. August 2023 d'Abus sexuels an déi sexuell Exploitatioun vu Mineuren, ë.a. déi déi um Internet stattfannen, méi streng bestroft;
- Dass d'Europäescht Parlament an de Conseil vun der Europäescher Unioun de 15te Februar 2024 decidéiert hunn, d'Iwwergangsbestëmmungen aus der virrechter legislativer Propose vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Aussetze vu verschiddenen Dispositiounen aus der EU E-Privacy Direktiv, déi den 3ten August 2024 auslafe sollt, ëm 2 Joer ze verlängeren;
- Dass d'Charta vun de Grondrechter vun der Europäescher Unioun ë.a. de Respekt vum Privat- a Familljeliewen an de Schutz vu persounebezunnen Daten a sengen Artikele 7 an 8 festschreift;
- Dass d'Recht op Privatsphär souwuel am Artikel 20 vun der Lëtzebuerger Verfassung, wéi och am Gesetz vum 11 August 1982 concernant la protection de la vie privée verankert ass;
- Dass Lëtzebuerg ee grousst Engagement am Kader vum Dateschutz opweise kann;

- Dass et wichteg ass, esouwuel de Schutz vun eise Kanner, de Schutz vun eiser Privatsphär ewéi d'Sécherheet vun eise modernen, alldeegleche Kommunikatiounsmëttel ze garantéieren an dofir de Prinzip vun der Proportionalitéit bei all Agrëff an e Grondrecht muss séchergestallt sinn;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

- Sech weiderhin op EU-Niveau dofir anzesetzen, dass eng effikass Léisung fir de Schutz vu Mannerjäregen a fir de Kampf géint d'Verbreedung vu Kannerpornographie fonnt gëtt, déi de Prinzip vun der Proportionalitéit an d'Sécherheet vun eise Kommunikatioune respektéiert;

- D'Initiativ BEE Secure weiderhin ze ënnerstëtzen an hirer Aufgab souwéi der Zesummenaarbecht mat europäeschen Netzwierker fir eng verantwortungsvoll a sécher Benotzung vum Internet an de soziale Medien ze fërderen;

- D'Schoulen an d'Ëffentlechkeet weiderhin ze sensibiliséieren a si bei der Ausaarbechtung vu präventive Schutzkonzepter ze begleeden.

Ch. Weiler

Christophe Hansen

N. MORGENTHALER

Carole Hartmann

G. BAUM